



N° 6823  
Entrée le 12.09.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 12.09.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Léierpersonal am Lycée hält normalerweis 21 Schoulstonnen an eng Stonn Act 72, déi weider Tâche setzt sech aus de Vir- an Nobereedung vum Cour zesummen. Sou wéi et mir zougedroe gouf, kënn et am CNFPC besonnesch dacks vir, datt dëse Reglement net agehale gëtt an d'Léierpersonal 26 a méi Stonne Schoul d'Woch muss halen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister dës Virgäng bestätegen? Falls jo, wéi wëll hien an Zukunft e bescht méiglechte Respekt vun deem genannte Reglement garantéieren? Kann hie präziséieren, wéi eng Moosnamen aktuell am Sënn vum Schutz vum Léierpersonal gräifen, fir datt dës Reegelung just an Ausnamesituatiounen an no Méiglecheet mam Accord vun de Betraffenen iwwerschratt gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro  
Nr. 6823 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

D'Tâchë vum Léierpersonal am CNFPC ënnerleien allgemeng gréissere Fluktuatiounen iwwer d'Schouljoer, well de CNFPC net ka mat engem Lycée verglach ginn, wat d'Organisatioun vun de Coursë betrëfft. Nieft enger Rei Schouklasses, ginn am CNFPC Owescoursen a berufflech Weidbildungscoursen ugebueden, déi net forcement iwwer d'ganzt Schouljoer lafen, an déi maachen, datt een Enseignant emol méi an emol manner Stonne pro Woch hält. Och mécht de Fait, datt d'Fit4Léier-Klassen eréischt am Dezember richtig ulafen et schwiereg, haut een Aperçu ze ginn iwwer d'Tâchen 2022/23.

Am Joer 2021/22 huet d'Léierpersonal am CNFPC Ettelbréck 22,11 Leçone gehalen. Wann déi Leit, déi eng partiell Tâche hunn, an déi, déi a Pensioun gaange sinn, erausgerechent ginn, mécht dat eng Moyenne vu 25,54 Leçonon, soit an der Moyenne 3,54 Iwwerstonnen.

Am selwechten Joer huet d'Léierpersonal am CNFPC Esch/Uelzecht 22,57 Leçone gehalen. Wann déi Leit, déi eng partiell Tâche hunn, an déi, déi a Pensioun gaange sinn, erausgerechent ginn, mécht dat eng Moyenne vu 24,40 Leçonon, soit an der Moyenne 2,40 Iwwerstonnen.

D'Verdeelung vun den Iwwerstonnen op d'Personal gëtt vum Service vun der Berufsausbildung genee observéiert fir, wann néideg, kënnen Mesuren ze ergräifen. Sou gouf an engem Departement vum CNFPC d'Aarbechtsorganisatioun komplett reforméiert, sou datt do praktesch keng Iwwerstonne méi ufalen. An engem aneren Departement gouf eng weider Persoun agestellt, fir d'Aarbechtslaascht op méi Schëlleren ze verdeelen.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH